



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen den 23. Juni an der franséischer Zäitschrëft „Valeurs Actuelles“ publizéiert gouf, sot e franséischen Epidemolog datt d'Zuel vun de schwéiere Krankheetsverleef an den Hospitalisatiounen am Kader vum COVID-19 wäit ënnert deene vun der saisonaler Gripp louch an d'Spideeler während der COVID-Kris insgesamt souguer ënnerduerchschnëttlech ausgelaacht waren, zum Beispill well eng Rei Operatiounen ofgesot goufen an d'Leit sech deelweis guer net méi getraut hu bis an d'Spidol ze goen. Wéi a Frankräich huet déi potentiell Iwwerlaaschtung vun de Spidols- an Intensivbetter, souwéi dem Personal dat wichtegst Argument fir eng ganz Rei Restriktiounen am ëffentleche Beräich wéi am Privatlieue vun de Bierger duergestallt.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Gesondheitsminister eng Tabell presentéieren, déi d'Gesamtzuel vun de Spidols- an Intensivbetter zu Lëtzebuerg an de Joren 2010 bis 2021, souwéi déi duerchschnëttlech Auslaaschtung pro Mount, ausgedréckt a Prozent regruppéiert a preziséieren, wéi vill Better 2020 an 2021 jeeweils spezifesch op COVID-Patienten entfall sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten